D'Theaterstéck ***D'Kachboun***, gëtt an e puer Phasë créeéiert, domat ass dëse Summer ugefaange ginn. Mir hunn 2 Wochen intensiv recherchéiert an eis mam Thema Kachen an Iessen zu Lëtzebuerg ausernee gesat. Op Basis vum Contenu, dee mir fonnt hunn, ass dunn an all Richtunge mat Improvisatiounen a Schreifatelieren experimentéiert ginn.

Wat dir haut um Theaterfest gesi kënnt, ass eng vun deenen Zeenen, déi mir ausprobéiert hunn. Et ass ze notéieren, datt eist Stéck, oder déi Zeen, déi dir gesi kënnt, am Moment nach e *Work-in-progress* ass, an nach kee fäerdege Produit.

## Artistesch Equipe *D'Kachboun*

**Et spillen** Frédérique Colling, Catherine Elsen, Rosalie Maes

**Œil extérieur** Linda Bonvini

**Produktioun** Independent Little Lies

**Koproduktioun** Aalt Stadhaus Déifferdeng, Schungfabrik Téiteng

## Daten *D'Kachboun*

**8. Mäerz 2017** um 20h an **12. Mäerz 2017** um 17h am Ale Stadhaus zu Déifferdeng

**19. Mäerz 2017** um 17h am Cape zu Ettelbréck

**26. Mäerz 2017** an der Schungfabrik zu Téiteng

**Independent Little Lies (ILL)** ass en interdisziplinären Theaterkollektiv deen Theaterleit, Artisten, Pädagogen a Konschtintresséierter zesummebrengt. Eis Produktiounen a Kulturevents hunn zäitgenössseg a sozial Themen, op véier verschiddenen Sproochen. 1995 gegrënnt, ass ILL scho säit méi wéi 20 Joer e feste Bestanddeel vun der lëtzebuerger Kulturzeen. Mir si permanent amgaang eis nei ze erfannen, nei Collaboratiounen mat lokalen an internationalen Artisten a Koproduzenten auszeschaffen, di traditionell Limiten vun der Performance erauszefuerderen a jonken Artisten d'Geleeënheet ze ginn, hier Kreativitéit z'entwéckelen.

FONDS CULTUREL NATIONAL LUXEMBOURG

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

# Independent Little Lies

## Saison 2016-17

**www.ill.lu**

# *Mein Arm*

## Tim Crouch

Ein ganz normaler Zehnjähriger hebt eines Tages seinen Arm und beschließt ihn oben zu lassen.

Tim Crouchs *Mein Arm* erzählt die Geschichte dieses Jungen und die Folgen seiner exzentrischen Tat auf seine Entwicklung, seine Gesundheit, seine Familie. Sein Umfeld ist irritiert, die Mediziner und Psychologen intrigiert aber dennoch ratlos. Dass diese Tat sein Leben komplett verändert ist klar. Niemand hätte allerdings damit gerechnet, dass sie ihn zum Mittelpunkt der nationalen Kunstszene und schließlich zum internationalen Phänomen macht.

Tim Crouch stellt mit *Mein Arm* sehr spielerisch die Frage nach dem Sinn und Zweck der Kunst und vor allem des Lebens. Was entscheidet der Junge mit dem Arm bewusst, was ist purer Zufall? Wie bauen Menschen sich ihre Lebensgeschichte zusammen? Wodurch erhält das Leben einen Sinn?



Besetzung folgt.

**Regie** Linda Bonvini

**Bühne & Kostüme** Christian Klein

**Produktion** Independent Little Lies

**Koproduktion** Kulturfabrik, Kulturhaus Niederanven, Théâtre National du Luxembourg

**März 2017** Kulturfabrik

**31. Mai 2017** KHN

**Saison 2017-18** TNL

# D'Kachboun

## Kollektivkreatioun

Maus Ketti vs. Lea Linster

’t ass Kiermes am Duerf ! D’Schueberfouer ass un ! De Chrëschtmaart geet op ! A séier dohin, well et gëtt e Luxringer !
Sonndes e gudde Brot. Wann ee krank ass, eng Britt. Moies eng Schmier mat wäissem Kéis a Gebeess, déi dann an de Kaffi gezappt gëtt.

Iessen als Heelmëttel, als emotional Stäip a schwéiere Momenter, Iesse ka gewëssen nostalgesch Momenter ervirbréngen, Iesse fir ze feieren, Iessen als Deel vun der lëtzebuerger Kultur.

Beim Iesse kommen d’Leit zesummen, et ass also net nëmmen ëmmer fir sech ze gavéieren, mä och fir seng sozial Kontakter ze fleegen. Wéi wichteg sinn d'Iessfester zu Lëtzebuerg fir d’Duerfkultur ? Wéi wichteg sinn se fir eis Ekonomie ? Wéi wichteg sinn se fir d’lëtzebuerger Identitéit ? Wat ass lëtzebuerger Kascht ?

An dësem Theaterstéck, enger kollektiver Kreatioun vun Independent Little Lies, dréint sech alles ëm d’Iessen a säi Stellewäert an der Gesellschaft zu Lëtzebuerg.

Eng Handvoll Lëtzebuerger Texter, e puer Prise Geschichte vu lokale lëtzebuerger Bio-Auteuren, e puer Kachbicher an zum Schluss, wa bis alles gekacht huet, lëtzebuerger Lidder fir deem Ganzen e pimentéierten Touch ze ginn.

Mat all dësen Ingrédienten entsteet eng satiresch Schlupp (och nach Cabaret genannt).

